# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 12** **Donnechdeg, 21. Dezember 2023**

| LU - 8.1. | MA - 9.1. | ME - 10.1. | JE - 11.1. | VE - 12.1. |
|---|---|---|---|---|
| | | | **8h00 - 9h40**<br>visite médicale<br>4C2<br>an der Infirmerie<br>**9h40 - 11h35**<br>visite médicale<br>3G-PS2<br>an der Infirmerie | **15h15 - 17h15**<br>Noschreiwprüfungen<br>am Sall S207 |

## Lost and found

An der Chrëschtvakanz gëtt de *Fundeck* bei der Mme Wagner an der Porte geraumt an un Associatiounen fir e gudde Zweck ausgedeelt.

Wann dir eppes sollt vermëssen, da gitt nach séier dohinner kucken.






## Aus dem CDI




ALL DÉI SCHÜLER DÉI BEIM ADVENTSKALENNER MATMAACHEN, SOLLEN HIER ÄNTWERTE BIS DE 27. DEZEMBER OP TEAMS UN D'MADAMM BOLLENDORFF AN D'MADAMM RIES SCHÉCKEN!

## Model Euorpean Parliament Luxembourg
## National Sessioun
## 17. - 19. Abrëll 2024
### am Lycée Aline Mayrisch
### fir Schüler vun 3e an 2e


De **Model European Parliament (MEP)** ass eng Simulatioun vum europäesche Parlament a gëtt de Schüler d'Méiglechkeet, d'Roll vun Deputéierten ze iwwerhuelen an op Englesch iwwer aktuell politesch Themen ze diskutéieren.

Du bass interesséiert matzemaachen a wëlls dech umellen oder brauchs nach e puer Informatiounen, da mell dech beim Här Larosch :

laurent.larosch@epf.lu






## Fieldgen for Future

### D'Klimakris an de Schlëssel zum Erfolleg

D'Klimakris, de Biodiversitéitsverloscht, fossil Brennstoffer, Ëmweltverschmotzung, Iwwerkonsum, dat 6. Massenausstierwen, a sou weider. Wie krut vun dësen depressive Wierder net mat? Wien denkt net drun, opzeginn? Dat schéngt alles demütegend ze sinn, a vläicht denke mir, datt alles verluer ass. - Mee Hoffnung besteet awer weider. D'Leit fänke lues a lues un, eppes ze ënnerhuelen. Hei sinn nëmmen eng Rëtsch Beispiller dofir:

- De WWF bekämpft d'Braconéieren, schaaft Naturparken, mécht d'Leit op d'Klimadrénglechkeet opmierksam.
- Laut *Kurzgesagt* sinn 3/4 vun de Kuelekraaftwierker, déi weltwäit virgesi waren, zanter 2015 gestrach ginn.
- Vun 2009 op 2021 ass Wandenergie 3 mol méi gënschteg ginn, a Sonnenenergie ass 10 mol méi gënschteg ginn. - Dat ass méi erschwénglech, ewéi fossil Brennstoffer ze verbrennen!

Wéi mir feststelle kënnen, sollte mir eis Zukunft net als däischter an hoffnungslos duerstellen. Et ass éischter de Géigendeel dovunner. Eis Zukunft läit an eisen Hänn, an et ass eis Wiel, ob mir eis dofir asetzen.
Eis Wiel,
Eis Missioun,
Eis Zukunft.
Et ass net méi eng Aschränkung. Den Iwwergang zu enger nohalteger Gesellschaft ass net méi mat Wirtschaftswuesstum verkoppelt. Laut *Kurzgesagt* ass et méiglech, ekonomesche Wuesstum virunzedreiwen, ouni d'CO2-Emissiounen ze erhéijen.
An Tschechie sinn d'Emissiounen 13% gefall wärend de BIP ëm 27% geklommen ass.
Iwwerdeems Rumänien d'Emissiounen ëm 8% erofgesat huet, huet d'Brutoinlandsprodukt ëm 35% zougeholl.
An Amerika sinn d'CO2-Emissiounen ëm 4% zeréckgaangen, wärenddeems et zu enger Erhéijung vum BIP ëm 26% koum.
Méi Informatiounen iwwert wat de BIP, sinn op folgender Internetsäit ze fannen: *www.bbc.com/news/business-13200758*
Statt eng Aschränkung ze sinn, entfaalt dee Wandel eng ganz Panoplie un neien Opportunitéiten.
U neier Hoffnung.
U neien Aart a Weisen, ze denken.
Statt den Ënnergang vun der Mënschheet ze sinn, ass et den Ufank vun engem neien Zäitalter, dee sech duerch onzieleg nei Iddien auszeechent.
Kuerzgefaasst,
Erfolleg kënnt vun Ausdauer,
Erfolleg kënnt vun Zesummenaarbecht,
Erfolleg kënnt vun Innovatioun.

Léo Hellinckx, 3CB

Quellen:
*www.youtube.com/watch?v=LxgMdjyw8uw , WWF*

